PROJET PLAN D'ÉTUDES 25



# Een neie Plan d'études fir den Enseignement fondamental

## Whitepaper

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

## Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l’Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: **curriculum@script.lu**
**www.curriculum.lu** / **www.script.lu**

ISBN: 978-2-49673-011-1

Editioun September 2023

# Inhaltsverzeechnes

**Virwuert** .......... **5**

**Introduktioun** .......... **7**

**1. Eng Welt am Wandel** .......... **9**

1.1 Gesellschaftlech a geopolitesch Verännerungen .......... 9

1.2 Eis Ëmwelt .......... 10

1.3 Digital Transformatioun .......... 11

1.4 Auswierkung op de Bildungssystem .......... 12

**2. Réckbléck op d'Consultatiounen, d'Analys an d'Synthees** .......... **13**

2.1 De Consultatiounsprozess Februar 2022 – Abrëll 2023 .......... 13

2.2 D'Analys- a Syntheesphas Januar 2023 – Juli 2023 .......... 14

**3. Eng Rumm fir den neie Plan d'études** .......... **15**

3.1 Den Optrag vun der Schoul .......... 15

3.2 Ganzheetlech Approche .......... 16

3.3 Schlësselkompetenzen an transversal Approche .......... 17

3.4 Déi 4 Piliere vum neie Plan d'études .......... 19

**4. Impakt vum neie Plan d'études op de Bildungssystem** .......... **25**

4.1 De Schüler am Zentrum vu sengem Léieren .......... 25

4.2 Evaluatioun .......... 27

4.3 Lien zum Enseignement secondaire .......... 29

4.4 Lien zur non-formaler Bildung .......... 29

4.5 Schoulorganisatioun .......... 30

**5. D'digital Plattform vum neie Plan d'études** .......... **31**

**6. Ausbléck** .......... **33**

**Kontakt** .......... **34**

**Quelleverzeechnes** .......... **35**

# Virwuert



Léierpläng kënnen op ganz ënnerschiddlech Aart a Weis wierksam sinn. Iwwert d'Léierpläng vergewëssert sech d'Gesellschaft, wat eigentlech den Optrag vun der Schoul ass, wat mir alleguerte vun der Schoul erwaarden, wat d'Schoul also ze leeschten huet. Léierpläng hunn deemno en identitéitsstëftende Charakter, deen a sénger Wierkkraft net ze ënnerschätzen ass.

Léierpläng hunn awer och e groussen Impakt op d'Praxis am Klassesall an op d'Léieren iwwert de Klassesall eraus, net nëmmen, well se d'Enseignanten[1] an der Planifikatioun a Gestaltung vun de Léieraktivitéiten ënnerstëtzen, mee virun allem well se duerch ee kloer definéierte Kader eng Orientéierung bidden an esou zum Kompass ginn, pädagogesch an didaktesch Entscheedungen ze treffen a professionell ze handelen. Dëse Kompass gëtt net just vum Léierpersonal, mee vun allen Akteure genotzt, sief et vun der Universitéit, wou zukünfteg Enseignanten ausgebilt ginn, vun de Léiermëttelverläg, fir ugepassten didaktesch Materialien ze konzipéieren, an se sinn och nach d'Referenz fir de Monitoring vum System.

De Whitepaper, deen Dir am Grapp haalt, temoignéiert vun engem Prozess, deen am Schouljoer 2020 ugefaange gouf, mat engem grouss ugeluechtene Consultatiounsprozess iwwert d'Ziler vun der Grondschoul a wat ee Plan d'études brauch, fir dës Ziler beschtméiglech ëmzesetzen. Et goung ënnert anerem dorëm, erauszefannen, wéi eng Rumm fir den Enseignement fondamental kéint ausgesinn, u wat fir enge Prinzippien ee sech soll orientéieren an dorëm, wéi eng Schlësselkompetenzen an der Grondschoul vermëttelt an am weidere Verlaf vun der Schoulzäit ëmmer weider entwéckelt a gefestegt musse ginn.

Mir kucken zeréck op d'Etappen, déi an de leschte Joren am Kader vun der Aarbecht um neie Plan d'études lancéiert an ofgeschloss gi sinn, an op rezent Entwécklungen, déi de Projet beaflosst hunn an och weider beaflosse wäerten. Geneesou gi mir een Ausbléck no vir op déi Meilesteng an dozougehéiereg Etappen, déi nach bevirstinn. Dozou gehéieren d'konkret Ausschaffe vun den Inhalter

[1] Fir eng besser Lieserlechkeet bezéie sech déi am Text genotzte Persounebezeechnungen op all Geschlechter, och wann se an hirer männlecher Grondform geschriwwe sinn.

vum Plan d'études a senger digitaler Plattform, sou wéi och d'Formatiounen an d'Ëffentlechkeetsaarbecht ronderëm den neie Plan d'études.

Virun allem awer ginn an dësem Whitepaper déi grouss Linne virgestallt, déi aus dem Consultatiounsprozess an der Recherche ervirgaange sinn, an déi fir den neie Plan d'études richtungsweisend wäerte ginn. D'Adressate vun deem heiten Dokument sinn d'politesch Entscheedungsträger zu Lëtzebuerg, de gesamte Bildungsberäich an dat iwwert de formale Secteur eraus an och déi breet interesséiert Ëffentlechkeet.

D'ganz Equipe wënscht Iech eng gutt Lecture a freet sech, de Prozess ronderëm den neie Plan d'études weider mat Iech zesummen ze goen.

**Luc Weis**

Direkter vum SCRIPT

# Introduktioun

Am Uschloss un d'Schoulgesetz vun 2009 ass en neie Plan d'études komm an domadder eng méi ganzheetlech a kompetenzorientéiert Approche vis-à-vis vum schoulesche Léieren. Et gouf méi ee grousse Wäert op den Output geluecht, d.h. op dat, wat de Schüler zu den ënnerschiddleche Momenter vu sengem schoulesche Parcours kann. D'Socles de compétences stellen duer, wéi de Schüler seng Kenntnisser a Fäegkeeten an den neien Domaines de développement et d'apprentissage vum Cycle 1 – Cycle 4 soll progressiv entwéckelen. Eng kompetenzorientéiert Approche vis-à-vis vum Léieren huet och um Niveau vun der Bewäertung eng Partie Verännerunge mat sech bruecht.

Net laang no senger Aféierung gouf dorobber higewisen a bedauert, dass dem Plan d'études vun 2009 d'pädagogesch-didaktesch Indikatioune feelen, déi d'Léierpersonal beim Schoulhalen ënnerstëtzen a guidéieren. Des Weideren ass och kloer ginn, dass dem Plan d'études eng iwwergeuerdent Rumm feelt, déi déi zesummeféierend Zilsetzunge vum Enseignement fondamental festleet, an duerstellt, wéi d'Léierinhalter aus de verschiddenen Domainen dozou bäidroen, dass d'Kand sech ganzheetlech entwéckelt.

Säit der Aféierung vum Plan d'études 2009 huet sech d'Welt weider verännert. Déi lescht gréisser Adaptatiounen um Dokument Plan d'études ginn op 2011 zeréck. Duerno goufe weider Adaptatiounen iwwer de Wee vu Réglement grand-ducaux virgeholl, ënner anerem d'Aféierung vum Fach *Vie et Société* (2017) a dräi Joer méi spéit vum *Coding: Computational Thinking* (2020). D'wëssenschaftlech Erkenntnisser am Hibléck op Léierprozesser a Léierresultater, déi an de PISA-Etuden an am Kader vun den EPSTAN festgestallt goufen[2], sinn e weideren Ulass gewiescht, fir de Plan d'études enger grondsätzlecher Revisioun z'ënnerzéien.

D'Covid-Pandemie huet am Joer 2020 d'ganz Welt erfaasst. Vun haut op muer huet Schoul hale missen anescht geduecht ginn—doheem, am virtuelle Raum, mol synchron, mol asynchron. Zu deem Moment gouf däitlech, dass de Plan d'études, sou wéi en haut opgebaut ass, a Krisenzäiten nëmme bedéngt der Funktioun ka gerecht ginn, festzeleeën, wat prioritär muss traitéiert ginn. Wéi vun der Bildungspolitik d'Léierpersonal gefrot huet, déi geplangten Inhalter fir d'Schouljoer 2019-2020 op dat Wichtegst ze reduzéieren, war net wierklech ersiichtlech, wat genee dat Wichtegst am Plan d'études ass. Nach eng Kéier ass kloer ginn, dass dem Plan d'études, sou wéi en haut ass, d'Rumm feelt, déi eng kloer Visioun ausdréckt an als Kompass déngt.

[2] Déi ugeschwaten Erkenntnisser si beispillsweis ënner SCRIPT (2020) an Universität Luxemburg/LUCET & SCRIPT (2021) nozeliesen. Informatiounen zu den Épreuves standardisées sinn op dëser Säit ze fannen: https://epstan.lu/en/landing-page-en/.

Deemno waren et eng Rei vun Entwécklungen, déi iwwer d'Zäit gekuckt, zum Reformprojet "Plan d'études" gefouert hunn, an esou d'Ausléiser waren, fir e grouss ugeluechte Consultatiounsprozess iwwer en neie Plan d'études fir den Enseignement fondamental ze lancéieren.

Dofir huet d'Divisioun fir Curriculumsentwécklung (Curriculumsdivisioun) vum SCRIPT am Schouljoer 2020-2021 déi siwe *Commissions nationales de l'enseignement fondamental* (CNEF) an de *Collège des Directeurs* aus dem Fondamental zum Plan d'études consultéiert. Den 10. Juni 2021 hunn dës Acteuren dem Educatiounsminister Claude Meisch hir Avise presentéiert. Als nächste Schrëtt gouf e breede Consultatiounsprozess lancéiert an de ganze Bildungsberäich invitéiert, fir iwwer d'Programmentwécklung am Fondamental an d'künfteg Ausriichtung vun der Grondschoul matzediskutéieren.

Gesellschaftlech, technologesch a geopolitesch Verännerungen hunn d'Gespréicher an de grousse CoLab-Workshops[3] mat beaflosst. Mir liewen an enger Zäit, déi de Bildungssystem viru grouss Erausfuerderunge stellt. D'Bildungspolitik ass sech dees bewosst a proposéiert zukunftsorientéiert Léisunge.

Dëse Whitepaper geet a sengem éischten Deel op d'Erausfuerderungen an, mat deene sech d'Welt an domadder och d'Schoul konfrontéiert gesäit, an déi richtungsweisend si fir d'Rumm an d'Pilieren, déi de Plan d'études 2026-2027 setze wäert.

Am zweeten Deel gëtt den zweejärege Consultatiounsprozess mam Bildungsberäich a weidere Partie prenanten beschriwwen. Den drëtten Deel vun dësem Paper geet op d'Rumm vum neie Plan d'études an. Am véierten Deel gëtt den Impakt op den Enseignement fondamental an doriwwer eraus beschriwwen. De fënneften Deel beschreift d'Besoinen, déi d'digital Plattform vum neie Plan d'études muss erfëllen.

De sechsten a leschten Deel vum Whitepaper gëtt een Ausbléck op d'Ausschaffen an d'Implementatioun vum neie Plan d'études bis an d'Schouljoer 2026-2027 a geet kuerz op den nohaltege Consultatiounsprozess an, deen duerno de Plan d'études wäert weider begleeden.

[3] CoLab ass ofgeleet vu "*collaborative laboratories*". Dëst si participativ Atelieren, déi vum SCRIPT ronderëm Ufroen, Virschléi a Projete mat Enseignanten, Experten, Schüler, Elteren an anerer duerchgeféiert ginn (https://curriculum.lu/colab).

# 1. Eng Welt am Wandel

D'Bildungssystemer féieren e konstante Reflexiounsprozess doriwwer, wéi si déi Jonk beschtméiglech op d'Welt vun haut a vu muer virbereede kënnen. D'Diskussiounen an d'Iwwerleeungen am Kader vum neie Plan d'études goufen a gi beaflosst vun den Entwécklungen an der Welt.

## 1.1 Gesellschaftlech a geopolitesch Verännerungen



D'Bildungsfuerschung an d'Literatur, déi sech fachiwwergräifend mat Zukunftsfroe beschäftegen, beschreiwen d'Realitéit ausserhalb vun der Schoul mat Begréffer, wéi onbestänneg, onsécher, komplex a schwéier ze deiten a virauszesoen. D'Covid-Pandemie, déi 2020 a kierzester Zäit déi ganz Welt erfaasst an Deeler vun der Welt an e Lockdown versat hat, huet eis däitlech virun Ae gefouert, wéi volatil, onsécher a komplex d'Welt innerhalb vu ganz kuerzer Zäit ka ginn. D'Vernetztheet an der Welt gouf duerch visibel Ënnerbriechunge vun de Liwwerkette spierbar fir all Eenzelen a si ass et bis haut, duerch d'politesch Konflikter, klimatesch Onbestännegkeeten an aner Krisen, déi d'Joren no 2020 gezeechent hunn a weider bestëmmen.

An enger Welt, déi sech esou séier wandelt, verännert sech och d'Beruffslandschaft. Et ass dovunner auszegoen, dass 65 % vun de Kanner, déi haut an der Grondschoul ufänken, duerno an Aarbechtsberäicher a Beruffer wäerte schaffen, déi et haut nach net an där Form gëtt (Genner, 2017, zitéiert no Observatoire national de la qualité scolaire [ONQS], 2020).

D'Schoul huet den Optrag zukünfteg Bierger auszebilden, déi mat dëser Onbestännegkeet a Komplexitéit net nëmmen eens ginn, mee déi an dëser Realitéit, déi vu grousser Komplexitéit an net viraussobare Verännerungen gekennzeechent ass, kënne wuessen a sech entfalen. Si sollen d'Welt vun haut a vu muer aktiv a kreativ matgestalten an deenen aktuellen Entwécklunge mat enger informéierter an zukunftsorientéierter Haltung begéine kënnen. D'Schoul soll d'Grondlage fir d'liewenslaangt Léiere leeën, dozou gehéieren: Selbstbewosstsinn, Wëssbegieregkeet, Flexibilitéit, Engagement a léieren ze Léieren.

Weltwäit pertinent gesellschaftlech Theemen, wéi Globaliséierung, Klimawandel an digital Transformatioun stellen och zu Lëtzebuerg grouss Erausfuerderungen duer. Lëtzebuerg zeechent sech duerch eng divers Gesellschaft an eng sech séier verännerend sozial, wirtschaftlech an demographesch Landschaft aus.

Zu Lëtzebuerg ass Globaliséierung Alldag: D'Land an d'Wirtschaft sinn immens oppen. Am Grand-Duché liewe méi wéi 170 Nationalitéiten zesummen (IMS Luxembourg, 2022). Ëm déi 200.000 Salariéë

kommen zousätzlech daagsiwwer als Frontalieren aus Däitschland, Frankräich an der Belsch an d'Land. D'Wirtschaft a virop de ganzen Déngschtleeschtungssecteur géifen ouni Grenzaarbechter an Aarbechtsmigranten net funktionéieren. D'Land brauch déi wirtschaftlech Orientéierung no baussen a Bierger, déi déi néideg Sproochen maîtriséieren, fir international ze kommunizéieren an ze kollaboréieren. Et ass eng Ouverture zu de grousse Kulturräim, déi bei der Aus- a Weiderbildung per se de Réckgrëff op Wëssen aus ville verschiddene Sproochräim erlaabt. D'Sproochekenntnisser a -kompetenzen vun der Populatioun droen zu enger grousser internationaler Wäertschätzung a wirtschaftlechem Succès bäi. Déi institutionell Méisproochegkeet an d'gesellschaftlech Villsproochegkeet sinn awer och grouss Defien e. a. am Zesummenhang mat Froestellunge ronderëm Integratioun, gesellschaftlech Partizipatioun a Chancëgerechtegkeet.

> *"Sprooche si wichteg fir eng mündeg Platz an der Gesellschaft ze fannen. Et ass e Moyen, fir dozou ze gehéieren an um Liewen an der Gesellschaft kënnen deelzehuelen. Sprooche sinn och Deel vum Mënsch senger Identitéit a verschafen Zougang zu Kulturgidder" (Rapport - CoLab 2: Méisproochegkeet; SCRIPT, 2023a, S.24).*

## 1.2 Eis Ëmwelt



D'Belaaschtunge fir d'Ëmwelt an d'Klima loosse sech op Lëtzebuerg fokusséiert esou chiffréieren (Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, 2020; Gouvernement.lu, 2023; ECO-Conseil, 2022): Iwwerméissege Flächeverbrauch vun 174 ha/Joer, 68 % vun den natierleche Liewensräim sinn an engem schlechten Zoustand, 2/3 vum Grondwaasser an engem schlechte chemeschen Zoustand, an d'Zäregasemissioune leie bei 8 Mio. t. $CO_2$ am Joer 2021. All Awunner produzéiert am Schnëtt 163 kg u Restmüll d'Joer – 50 % dovunner hätte kéinte recycléiert oder anescht verwäert ginn.

D'Vereenten Natiounen hunn am Joer 2015 eng Aart neie Contrat social geschloss (United nations, 2015). 17 global Ziler fir eng nohalteg Entwécklung goufe sech bis d'Joer 2030 gesat. Lëtzebuerg huet dës Agenda 2030 ugeholl. Bildung fir nohalteg Entwécklung (BNE) soll de Schlëssel sinn, fir dës 17 Ziler ze erreechen. D'Konzept BNE mécht dorop opmierksam, dass et zu den Aufgabe vun der Schoul gehéiert, de Bierger vu muer ze vermëttelen, wéi ee verantwortungsvoll an nohalteg an der Welt liewen an handele kann. Déi global Erausfuerderunge, de Klimawandel an d'Ëmweltverschlechterung erfuerdere konsequent Efforten, fir d'Nohaltegkeet ze fërderen. Den Educatiounssystem muss am Fondamental d'Basë leeën, fir en Ëmweltbewosstsin an eng nohalteg Liewensastellung vun den zukünftege Bierger (Energie spueren, duuss Mobilitéit, manner Offall, eng ëmweltfrëndlech a gesond Ernärung, nohalteg Akafen etc.) ze fërderen. D'Selbstmobiliséierung vun de Jonke wärend de *Fridays for Future* an hir Participatioun am Kader vun de *ClimateXChange*-Workshops uechtert d'Lycéeë

weisen hiren Engagement, hire Wëllen an hir Ambitiounen, fir eng nohalteg Entwécklung ze liewen; e Constat, deen och an de Consultatioune vun de Schüler an eise Kanneratelieren am Kader vum Projet Plan d'études däitlech gouf.

## 1.3 Digital Transformatioun



An der moderner Informatiouns- a Wëssensgesellschaft gewannen déi digital Technologien ëmmer méi u Bedeitung. Si duerchdréngen d'Gesellschaft, d'Wirtschaft an d'Kultur, souwuel am berufflechen, wéi och am private Beräich. Mir schwätze bei dëser gesellschaftlecher Entwécklung vun enger digitaler Transformatioun, déi och de Prozess vun ëmmer méi Vernetzung an Automatiséierung ëmfaasst. Esou ass den Internet scho laang Deel vun eisem alldeegleche Liewen, a kënschtlech Intelligenz wäert an den nächste Joren ëmmer méi en Deel vun eiser alldeeglecher Realitéit ginn.

Duerch d'Digitaliséierung gëtt et méiglech, grouss raimlech Distanzen ze iwwerbrécken a quasi iwwerall op der Welt séier an onkomplizéiert mateneen ze kommunizéieren a Wëssen ze deelen. Nei Forme vun zesumme léieren a schaffen entwéckele sech. Forme vu gesellschaftlecher Participatioun erweidere sech an den Zougang zu Wëssen huet sech verännert an demokratiséiert.

Den digitale Wandel ass natierlech net ouni Risiko. An der Aarbechtswelt weist sech den digitale Wandel zum Beispill doranner, dass sech ganz Beruffsprofiller grondleeënd veränneren oder gewësse Beruffstätegkeeten zum Deel duerch automatiséiert Prozesser ersat ginn an awer och doduerch, dass nei Beruffer entstane sinn a weiderhin entstinn. Ekonomesch Echangen entzéien sech eiser Perceptioun: Ouni eis bewosst ze sinn, ginn eis perséinlech Donnéeë bal zäitgläich zu enger Zort Wärung an zu enger Wuer (Netzwerk Stiftungen und Bildung 2021).

Dës Prozesser, déi am Hannergrond oflafen, si virun allem an de soziale Reseaue verstäerkt present a profitéiere vum Mënsch sengem Wonsch no soziale Kontakter a sengem Zougehéieregkeetsdrang. Dëst ass awer villäicht manner visibel wéi vill vun den aneren Defien, déi am Zesummenhang vun de soziale Medie verstäerkt present sinn. D'Verbreede vu Falschinformatiounen an Aktivitéiten, déi d'Dignitéit vum Mënsch ugräifen, sinn nëmmen zwee Beispiller vun enger Realitéit, där mir eis als Gesellschaft musse stellen. Deemno stelle sech urgent Froe ronderëm d'Meenungsfräiheet an de Schutz vun der Privatsphär. Et ass wichteg, déi néideg Kompetenzen ze entwéckelen, fir sécher an forméiert am Ëmgang mat digitalen Technologien an alle Liewensberäicher kënnen ze sinn.

De Schüler kënnt haut scho ganz jonk mat digitalen Technologien a Beréierung. Hie mécht esou villfälteg Erfarungen a baut digital Kenntnisser op. Duerch d'Schoul soll jidderee vun den digitale Méiglechkeete profitéiere kënnen an esou op ee Liewen an eiser Gesellschaft virbereet ginn.

## 1.4 Auswierkung op de Bildungssystem

D’Missioune vun der Schoul sinn zu Lëtzebuerg am Gesetz zur Obligation scolaire vum 20. Juli 2023 festgehalen. Dëse gesetzlechen Optrag muss ee méi direkten a visibelen Impakt op den Alldag an der Schoul kréien an de Bréckeschlag tëscht dem explizitten Optrag, d. h. den iwwerguerdenten Ziler vun der Schoul an den d’Inhalter vum Plan d’études muss gemaach ginn. An enger onbestänneger a sech séier verännerender Welt brauch et genuch Flexibilitéit, fir sech neie Gegebenheete schnell unzepassen, an awer och genuch Stabilitéit, eng Zort Fuerplang, deen d’Léierpersonal an d’Schüler guidéiert. D’Wëssensinhalter an d’Kompetenzen, déi en neie Plan d’études uviséiert, mussen op déi beschriwwen Erausfuerderunge vum 21. Joerhonnert virbereeden an un de spezifesche Lëtzebuerger Kontext ugepasst sinn. Dorënner falen d’Méisproochegkeet, d’Heterogenitéit vun der Gesellschaft a global Defie wéi Globaliséierung, Klimawandel a politesch Instabilitéit.

# 2. Réckbléck op d'Consultatiounen, d'Analys an d'Synthees

## 2.1 De Consultatiounsprozess Februar 2022 – Abrëll 2023

Den 18. Januar 2022 war den Optakt vum Consultatiounsprozess fir een neie Plan d'études, deem säi Verlaf dem Bildungsberäich an enger Informatiounsversammlung presentéiert ginn ass, déi en présentiel an online stattfonnt huet. D'Curriculumsdivisioun vum SCRIPT huet tëscht Februar 2022 an Abrëll 2023 eng ganz Rei Workshops an Entrevuen am Kader vum Projet Plan d'études koordinéiert an duerchgefouert.

### D'Consultatioun vum Léierpersonal aus dem formalen an non-formale Bildungsberäich

An de sechs CoLab-Workshops, déi ëmmer en présentiel an online ugebuede goufen, stounge follgend Theemefelder am Fokus:

(1) Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental (Februar 2022)
(2) Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul (Mäerz 2022)
(3) Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul (Abrëll 2022)
(4) Evaluéieren am Fondamental (Oktober 2022)
(5) Méi Transversalitéit am Plan d'études? (November 2022)
(6) D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung (Januar 2023)

Un dëse CoLab-Workshops hu ronn 410 Enseignanten aus dem Fondamental, 40 aus de Centres de compétences, 110 aus dem Secondaire a 25 weider Participanten aus dem formale Bildungsberäich deelgeholl. Fir de sechste CoLab war nieft dem Personal aus der formaler Bildung ausdrécklech d'Personal aus der non-formaler Bildung invitéiert, fir zesummen iwwer de Plan d'études a gemeinsam Ziler an Handlungsfelder ze diskutéieren; ronn 90 Vertrieder aus der non-formaler Bildung sinn dëser Invitatioun nokomm.

### D'Consultatioun vun de Schüler

An de Schouljoren 2021-2022 an 2022-2023 huet sech d'Curriculumsdivisioun vum SCRIPT un d'Léierpersonal aus dem Fondamental an d'Centres de compétences adresséiert, fir interesséiert Klassen ze sichen, déi iwwer déi zukünfteg Ausriichtung vun der Grondschoul wéilte matdiskutéieren. 29 Atelieren an 20 Schoule goufen tëschent Juni 2022 a Mäerz 2023 realiséiert, ronn 350 Schüler hunn hir Vue op d'Schoul matgedeelt. Doriwwer eraus sinn d'Iwwerleeunge vun der CNEL *(Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg)* an engem Avis un d'Curriculumsdivisioun geriicht ginn. Dëse

gouf am Hierscht 2022 um Kongress vun der CNEL vun iwwer 80 Jugendlecher preparéiert, déi d'Schüler aus iwwer 40 Lycéeë representéieren.

### D'CONSULTATIOUN VU WEIDERE PARTIE PRENANTEN

Donieft goufe ganz geziilt weider Workshops mat enger Rei Acteure gehalen, fir dës Vuen ze komplettéieren: De Workshop mat den nationalen Elterevertrieder (Mee 2022); zwee Workshops mam Conseil supérieur de l'éducation nationale (CSEN) (Mee 2022 & Januar 2023); e Workshop iwwert den digitale Plan d'études mat I-DS (Instituteurs spécialisés en développement scolaire) an I-CN (Instituteurs spécialisés en compétences numériques) am Dezember 2022, an nach e Workshop zum "Digitale Plan d'études vu muer" op der YEP-Schoulfoire am Abrëll 2023.

Zousätzlech zu dëse Workshops huet d'Divisioun weider Gespréicher gefouert mam Uleies, méiglechst vill ënnerschiddlech Standpunkten ze héieren an d'Wëssen a bestëmmte Kärberäicher weider ze verdéiwen.[4]

## 2.2 D'Analys- a Syntheesphas Januar 2023 – Juli 2023

Um Enn vum der Consultatiounsphas huet d'Analys vun den Aussoen aus dem Consultatiounsprozess ugefaangen. Iwwer en Zäitraum vu sechs Méint huet d'Curriculumsdivisioun d'Aussoen an der Déift analyséiert, dat mat Hëllef vu korpusanalytesche Methoden ewéi Diskurs- an Inhaltsanalys. Et goung dorëms, déi grouss Linne fir d'Reform vum Plan d'études erauszekristalliséieren.

Dës Analys gouf duerch eng maschinn-assistéiert Analys komplettéiert. Heifir gouf mat enger Lëtzebuerger Startup zesummegeschafft, fir iwwer de Wee vum *Natural Language Processing* (NLP) ronn 6.000 Aussoen ze analyséiere fir keng wichteg Theemefelder ze iwwersinn.

Scho säit dem Joer 2020 huet d'Curriculumsdivisioun, en vue vum Projet "Plan d'études", verstäerkt déi gesellschaftlech Diskussiounen a wëssenschaftlech Recherche suivéiert. Zudeem goufen de bestoende gesetzleche Kader analyséiert a weider Recommandatioune vun Experten a Stakeholder consideréiert, dëst mam Zil, d'Rumm, d'Pilieren an all weider Aspekter, déi an dësem Whitepaper niddergeschriwwe sinn, auszeschaffen.

[4] Eng Opléschtung vun dësen Entrevuë fannt Dir nieft allen zousätzlechen Informatiounen zum Consultatiounsprozess op eisem Site www.curriculum.lu.

# 3. Eng Rumm fir den neie Plan d'études

De Plan d'études muss der haiteger Welt gerecht ginn an och muer op nei Verännerunge kënnen agoen. E muss dem Lëtzebuerger Kontext Rechnung droen an e muss et dem Kand erméiglechen, sech zu engem Bierger ze entwéckelen, dee sech wuel fillt an deen informéiert, interesséiert, selbstbewosst, kreativ a vernetzt ass. Dofir kritt den neie Plan d'études eng Rumm, déi deene concernéierten Acteuren eng Orientéierung gëtt an déi Elementer beschreift, déi konstant bleiwen. An der Rumm wäert den Optrag vun der Schoul am Sënn vun enger ganzheetlecher Approche beschriwwe ginn. Hei gi Pilieren a Schlësselkompetenzen definéiert an domat generell pedagogesch Prinzippie festgehalen. Dës Rumm gëtt gefëllt a vernetzt mat den *Domaines de développement et d'apprentissage*, déi sech aus konkrete Kompetenzen an Inhalter zesummesëtzen. Ergänzt gi wäert de Plan d'études duerch een "*How to for teachers*", dee methodologesch an didaktesch Indikatioune gëtt an Ausféierungen zu Thematiken, ewéi zum Beispill zur Differenzéierung oder zur formativer Evaluatioun, liwwert.

Esou soll en Outil entstoen, deen am Alldag genotzt gëtt, deen d'Zesummenaarbecht vun den Équipes pédagogiques kann ënnerstëtzen an deen et erlaabt, d'Kommunikatioun mat den Elteren ze stäerken. De Fokus läit op enger kompetenzorientéierter, ganzheetlecher a méi transversaler Approche. Déi fënnef Schlësselkompetenzen an déi véier Pilieren, déi hei drënner beschriwwe ginn, wäerten d'Fundament vum Léieren a vum Schoulhale bilden.

## 3.1 Den Optrag vun der Schoul

Eng vun den Aufgabe vun der Schoul ass d'**Qualifikatioun** vum Kand a vum Jonken. An der d'Grondschoul gëtt de Grondstee geluecht, fir dass d'Kand säi Kënnen a Wësse kann op- an ausbauen. D'schoulesch Orientatioun soll dem Kand hëllefen, säi Wee ze fannen an him domadder een erfollegräicht an individuell sënnerfälltent Liewen erméiglechen.



Eng weider Aufgab ass d'**Sozialiséierung** vum Kand a vum Jonken. An der Schoul léiert d'Kand, seng Plaz an enger demokratescher Gesellschaft ze fannen, sozial Strukturen a Wäerter vun dëser Gesellschaft weiderzedroen an och ëmmer erëm ze reflektéieren.



Eng drëtt Aufgab ass d'**Subjektivéierung** vum Kand a vum Jonken. D'Educatioun an der Schoul huet een Impakt op dem Kand seng Entwécklung als Persoun. D'Kand soll Sujet vu sengem Handele ginn. Et gëtt mat Situatiounen a Méiglechkeete konfrontéiert, fir eegestänneg a verantwortungsbewosst Decisiounen ze huelen an esou Afloss op sech a säin Ëmfeld ze huelen. Esou kann et déi Kompetenzen entwéckelen, duerch déi et zu engem mündegen, selbstsécheren an zefriddene Mënsch eruwuesse kann.[5]





Iwwert d'Zesummespill vun dësen dräi Aufgabe soll d'Schoul d'Kand bei senger Entwécklung zum **Weltbierger** begleeden. D'Konzept vum Weltbierger ëmschléisst déi 17 global Ziler fir eng Bildung fir nohalteg Entwécklung vun der Agenda 2030, déi d'Generalversammlung vun den Vereenten Natiounen 2015 festgehalen huet (United Nations, 2015).

Eng Erzéiung zum Weltbierger erméiglecht et, d'Wëssen, d'Kompetenzen, d'Valeuren an d'Handelen opzebauen, déi de Jonke fir d'Welt vun haut a vu muer brauch – eng Welt, déi méi gerecht, méi friddlech, méi tolerant, méi inklusiv, méi sécher a méi nohalteg ass (Agenda 2030, UNESCO, 2015). Nieft engem ekologesche Bewosstsi fir eis Äerd, ass et wichteg, och Verständnis fir d'Erausfuerderunge vun eiser Gesellschaft ze entwéckelen, wéi z. B. d'sozial Gerechtegkeet an d'Geschlechtergläichberechtegung. De Weltbierger vu muer soll vu Klengem un eng Astellung entwéckelen, déi Participatioun erméiglecht an d'Demokratie stäerkt. Um Wee zum Weltbierger soll dee Jonken an der Schoul an engem Ëmfeld sinn, wou hie ganzheetlech ka léieren. Schonn am Delors-Rapport vun 1996 steet: *"apprendre à savoir; apprendre à faire, apprendre à être; apprendre à vivre ensemble"* (International Commission on Education for the Twenty-first Century. 1996).

## 3.2 Ganzheetlech Approche

Zanter Ufank vun den 2000er Jore gëtt et e grondsätzleche Paradigmewiessel an der Educatioun. D'Striewen no enger ganzheetlecher Approche gewënnt ëmmer méi u Gewiicht. De lëtzebuergeschen Educatiounssystem dréit dësen Entwécklungen duerch d'Reform vum Enseignement fondamental vun 2009 Rechnung. Nieft dem Opbau vu Wëssen a Contenuen, ginn essentiel, noweisbar an transferabel Handlungskompetenze beim Schüler geférdert, déi de jonke Mënsch a senger Entwécklung zum mündege Bierger stäerke sollen.

De Besoin no enger méi holistescher Approche an der Educatioun gëtt ënnert anerem am Avis vun de Programmkommissiounen a vum Collège des Directeurs aus dem Fondamental vun 2021 zum Plan d'études däitlech. Et gëtt kloer, dass et net duergeet, Wëssensinhalter duerch Kompetenzen ze ersetzen, vill méi geet et drëm, méi transversal un d'Wëssensberäicher erunzegoen. D'Fuerderung ass

[5] Den hollännesche Pädagog Gert Biesta (2015) proposéiert eng Beschreiwung vun dësen dräi Aufgaben, ënnert anerem a sengem Artikel "*What is education for? On good education, teacher judgment, and educational professionalism*".

och do, fir d'Kand nach méi an den Zentrum vu sengem Léieren ze setzen, d'CNEF 7 - *Le cycle 1 : l'éducation précoce et préscolaire* - dréckt dat folgendermoossen aus:

> *"Une vision holistique, fondée sur la recherche scientifique et la psychologie du développement devrait mettre l'enfant au centre de son apprentissage" (CNEF 7 an der Publikatioun - CNEF 2018-2021; SCRIPT, 2021, S.19).*

Och d'Europäesch Kommissioun schwätzt sech 2021 dofir aus, an der Educatioun méi op d'Besoine vum Kand anzegoen:

> *"A holistic approach to education recognizes the social, emotional and physical needs of children and young people, and includes well-being and mental health as a key learning goal. The link between academic and socio-emotional learning has been clearly underlined by empirical evidence, including neuroscientific research, demonstrating that learning is a relational and emotional process. Addressing learners' well-being is therefore key to raising educational outcomes […]" (European Commission, 2021, S.46).*

D'Kand kënnt net just als Schüler an d'Schoul, mee bréngt seng eege Biografie a säi Vécu mat an de Klassesall, sief dat aus der Famill oder dem ausserfamiliäre Kontext. Iwwerall erlieft a léiert d'Kand Saachen, déi eng Beräicherung fir d'Léieren an der Schoul kënne sinn. Dofir ass et och néideg, méi enk mat allen Akteuren, déi am Ëmfeld vun der Schoul agéieren, zesummenzeschaffen, besonneg mat den Akteuren aus der non-formaler Bildung.

D'Kand soll mat senge Stäerkten, Schwächten, Besoinen a Besonnerheeten wouergeholl, gefuerdert a geférdert ginn, wat zur Chancëgerechtegkeet an dem Wuelbefannen an der Schoul bäidréit.

## 3.3 Schlësselkompetenzen an transversal Approche

Mat der Bildungsreform vun 2009 gouf de Plan d'études fir den Enseignement fondamental net méi duerchgängeg a Fächer, mee an Entwécklungs- a Léierberäicher (*Domaines de développement et d'apprentissage*) agedeelt. Eng méi grouss Ouverture fir d'fächeriwwergräifend Léieren ass domat geschafe ginn a Schnëttstellen tëscht de Fächer goufen ugedeit.


Och op internationalem Niveau ginn et Referenzkaderen, déi en Inventar u Schlësselkompetenzen opstellen, déi sougenannten *21st century skills*, un deenen sech d'Bildungssystemer weltwäit beim Ausschaffe vun hire Léierpläng orientéiere kënnen. Den ONQS huet a senger Publikatioun *Le rôle de l'éducation dans la préparation des jeunes aux défis du 21e siècle*[6] verschidde Kaderen ënnerteneen verglach. D'Curriculumsdivisioun huet dës Referenzkadere studéiert, déi international Debatte

[6] *Le rôle de l'éducation dans la préparation des jeunes aux Défis du 21e siècle* (S.24) https://onqs.lu/wp-content/uploads/2020/09/ONQ_5105_20_Rapport-thematique_21eme-siecle_web_single.pdf

suivéiert a mam Lëtzebuerger Kontext virun Aen, eng Visioun vum jonke Mënsch ausgeschafft[7]. Parallel gëtt e Kader mat Schlësselkompetenze proposéiert, deen op den internationale Virleefer an dem domat verbonnene Fuerschungsstand baséiert. Déi existéierend transversal Kompetenzen aus dem Plan d’études 2009 si mat agefloss a wäerte weiderhin ee Bestanddeel dovunner bleiwen.

Am Consultatiounsprozess fir den neie Plan d’études ass vill Input zu Schlësselkompetenzen zesummekomm. Dësen deckt sech mam existéierende Modell fir den Enseignement secondaire an erlaabt et domadder, eng gewësse Kohärenz a Kontinuitéit tëschent Enseignement fondamental an Enseignement secondaire hirzestellen. Eng vun den Aufgabe vum weidere Prozess fir den neie Plan d’études wäert et sinn, dës Schlësselkompetenzen am Enseignement fondamental weiderzëentwéckelen, esou dass d’Kand eng Kontinuitéit an der Entwécklung vu senge Schlësselkompetenzen erlieft an et dës geziilt a progressiv opbaue kann.

Déi fënnef Schlësselkompetenzen, déi hei presentéiert ginn, gräifen aneneen. Si sollen den Ausgangspunkt sinn, fir transversal Léiermomenter an -aktivitéiten ze plangen. Déi verschidden Domainer an hir spezifesch Léierinhalter bleiwen weiderhi wichteg, well si de Kontext bidden, an deem d’Schlësselkompetenzen sech entwéckelen kënnen. Dës Kompetenze foussen op enger Haltung, déi Léieren als ee liewenslaange Prozess ugesäit, deen an der Schoul säin Ufank fënnt an dem Jonke Loscht mécht an him d’Fäegkeeten un d’Hand gëtt, fir sech och dono a sengem (Beruffs-)Liewe weiderzëentwéckelen.



Multiliteracy Kompetenz | Selbstkompetenz | Sozialkompetenz | Denkkompetenz | Transformativ Kompetenz

Am Kader vun der **Multiliteracy-Kompetenz** entwéckelt d’Kand d'Fäegkeet, fir mat Sprooch, Zuelen an digitalen Outilen ëmzegoen, Problemer ze léisen, Wëssen ze deelen a sech auszedrécken, fir aktiv ze participéieren.

Am Kader vun der **Selbstkompetenz** entwéckelt d’Kand d'Fäegkeet, sech selwer kennen ze léieren, seng Emotiounen ze geréieren, sech perséinlech Ziler ze setzen an dës ze erreechen, a sech selwer mat Vertrauen a Resilienz ze stäerken

[7] D’Visioun vum Jonken an déi fënnef Schlësselkompetenzen, déi d’Curriculumsdivisioun definéiert huet, stinn op: https://curriculum.lu/vvcc

Am Kader vun der **Sozialkompetenz** entwéckelt d’Kand d'Fäegkeet, mat aneren ze interagéieren, se ze verstoen an ze respektéieren, Empathie ze weisen, zesummen ze schaffen a Konflikter konstruktiv ze léisen.

Am Kader vun der **Reflexiounskompetenz** entwéckelt d’Kand Denkstrategien, reflektéiert seng Erfarungen, an adaptéiert seng Denkprozesser fir a reelle Situatiounen ze agéieren an ze reagéieren.

Am Kader vun der **Transformatiounskompetenz** entwéckelt d’Kand d'Fäegkeet, säin Ëmfeld an säin eegent Weltbild op eng iwwergeuerdent a vernetzt Manéier ze verstoen, dës ze transforméieren, bewosst an zilgeriicht ze handelen, a positiv Ännerunge bei sech a senger Ëmwelt ze bewierken.

Déi iwwerschafften a weiderentwéckelt transversal Schlësselkompetenzen zéie sech duerch all d’Cyclen an duerch all d’*Domaines de développement et d’apprentissage*. Esou soll eng horizontal Kohärenz - tëschent den Domainer - an eng vertikal Kohärenz - tëschent de Schouljoren - séchergestallt ginn.

## 3.4 Déi 4 Piliere vum neie Plan d’études

Aus dem Consultatiounsprozess an der uschléissender Analys hu sech véier Schwéierpunkten erausgeschielt, déi als richtungsweisend Piliere vun der Ausriichtung vum zukünftege Plan d’études unzegesi sinn:

**WUELBEFANNEN – PARTICIPATIOUN – MÉISPROOCHEGKEET – DIGITALITÉIT**

Dës Theeme wäerte sech wéi e roude Fuedem duerch de ganze Plan d’études zéien. Si ginn als Kärprinzip an der Rumm verankert, wäerten awer och als Kärinhalter a Kärkompetenzen a verschiddenen Entwécklungs- a Léierberäicher hir Plaz fannen.

Am weidere Verlaf vun dësem Kapitel ginn déi véier Schwéierpunkte Wuelbefannen, Participatioun, Méisproochegkeet an Digitalitéit virgestallt an erkläert, firwat dës zu de Piliere vum neie Plan d’études ginn, a wéi si sech souwuel um Niveau vun der Rumm wéi och vum Inhalt vum Plan d’études wäerten nidderschloen.



## WUELBEFANNEN

Dat gesellschaftlecht Bewosstsi fir d'Wuelbefannen an d'Gesondheet huet iwwer déi lescht Joerzéngten zougeholl .[8]

Och am Consultatiounsprozess ass d'Theema "Wuelbefannen" heefeg opkomm; et misst am gesamte schoulesche Kader ee méi grousse Fokus dorobber geluecht ginn, dat virun allem am Hibléck op d'Kand, ma awer och am Hibléck op d'Léierpersonal. Hei misst eng Balance fonnt ginn tëschent dem Fërdere vum individuelle Wuelbefannen an dem adäquaten Adresséiere vu verschidde Realitéiten, déi mol méi a mol manner flott sinn.

> *"Zesummefaassend kann ee festhalen, dass et de Kanner wichteg ass, sech am Schoulalldag wuel ze fillen an een Ëmfeld ze hunn, dat hiert Léieren an hiert Wuelbefannen ënnerstëtzt" (Rapport - Kanneratelieren; SCRIPT, 2023c, S.20).*

An der Rumm vum neie Plan d'études gëtt d'Wuelbefanne vun der ganzer Schoulcommunautéit als Uleies adresséiert. Et ass wichteg, dass d'Léieren an engem Ëmfeld vu spierbarer Sécherheet, Respekt a géigesäiteger Appreciatioun ka stattfannen. Sech mam Wuelbefanne vum Schüler auserneen ze setzen, bedeit, sech ze vergéigewäertegen, dass d'Kand schonn ee Stéck vu sengem Dag hannert sech huet, wann et moies an der Schoul ukënnt. All Kand gëtt a sengem Liewe mat Theeme konfrontéiert, déi e groussen Afloss op seng Dagesform an d'Viraussetzunge fir säi Léierprozess hunn. D'Kand soll engersäits spieren, dass säi Wuelbefanne vum schouleschen Ëmfeld ënnerstëtzt gëtt, an anerersäits, no an no méi selbstwierksam gi fir sech eegestänneg ëm säi Wuelbefanne këmmeren ze kënnen.

Inhaltlech gesi mussen Theeme verankert ginn, déi een Impakt op dat physescht, mentaalt an emotionaalt Wuelbefanne vum Kand hunn. Dës solle prioritär an der Klass behandelt ginn, wann de Besoin dofir entsteet. E puer Beispiller heifir sinn: d'soziaalt Zesummeliewen, d'Reguléieren an d'Ausdrécke vun Emotiounen, d'Beweegung, d'Ernärung, d'Éducation affective et sexuelle, d'Resilienz, de Mobbing an d'Agéieren am digitalen Espace.

---

[8] 2019 ass zu Lëtzebuerg de PAN-SAS *(Plan d'action national - Promotion de la santé affective et sexuelle; Men.lu 2019)* a Kraaft getrueden. Am nationale Rahmenplan vun der non-formaler Bildung (MENJE et al., 2021) ass de Volet "Gesondheet a Wuelbefannen" integréiert. De Conseil vun der europäescher Unioun huet 2022 Recommandatioune fir de schoulesche Kontext erausginn, an deenen ee Fokus um emotionalen, sozialen a kierperleche Wuelbefanne vum Kand an um Opbau vu Resilienz läit.

### PARTICIPATIOUN



Eng vun de Leitfroe vum Consultatiounsprozess war: "Wat brauch d'Kand haut a sengem Rucksak, fir an der Welt vu muer eens ze ginn?"

Als Äntwert dorop koume geheeft Aussoen, déi sech ënnert dem Stéchwuert "Participatioun" zesummefaasse loossen.

*"Et wëll een e kriteschen, mündege Bierger mat enger oppener Haltung forméieren"(Rapport CSEN; SCRIPT, 2023d, S.12).*

D'Participatioun stellt awer och en zentralen Prinzip an der Bildung fir nohalteg Entwécklung duer (Education 21.ch, n.d.). Et geet drëm, de Schüler ze befäegen, sech aktiv a selbstbestëmmt un der Gestaltung vun der Géigewaart a vun der Zukunft ze bedeelegen.

> *"Bildung soll Lernenden nicht nur Lese-, Schreib- und Rechenkompetenzen, sondern auch die Themen Friedensaufbau, nachhaltige Entwicklung, bessere Gerechtigkeit sowie soziale Gerechtigkeit und Geschlechtergerechtigkeit vermitteln. Es ist entscheidend, den Schülern die Fähigkeiten und Kompetenzen zum Zusammenleben und für ein nachhaltiges Leben zu vermitteln" (in: Bildung auf einen Blick 2022: OECD-Indikatoren; OECD, 2022, p.475)*

Zu den Aufgabe vun der Schoul gehéiert et also, zesummen mat den Elteren, dem Bierger vu muer ze vermëttelen, wéi e verantwortungsvoll an nohalteg liewen an handele kann. De Schüler soll Demokratie an demokratesch Prozesser am geschützte Raum erliewen a sou Demokratiekompetenzen no a no opbauen. Fir dass d'Kand, an duerno de Jonke, Sujet vu sengen eegenen Decisiounen an Aktioune ka ginn, muss d'Schoul him Méiglechkeete bidden dëst auszeprobéieren an ze erliewen.

An der Rumm vum Plan d'études sollen d'Matbestëmmung am Kader vun der Schoul, Verantwortung iwwerhuelen an d'"Léieren duerch Engagement" (Zentrum fir politesch Bildung, n. d.) eng Plaz kréien. Inhaltlech ass ugeduecht, d'Participatioun schrëttweis, vum Cycle 1 un, ze erméiglechen an se iwwer déi ganz Schoulzäit opzebauen. Iwwer d'methodesch-didaktesch Indikatiounen am "*How to for teachers*" soll däitlech ginn, dass eng Participatiounskultur gefërdert gëtt. Iwwer méi Projetsunterrecht soll de Schüler d'Vernetzung tëscht Theemen, Schoul a Baussewelt méi staark erliewen, d'Erfarung maachen, dass säin Handelen en Impakt op säin direkt Ëmfeld kann hunn, an üben Verantwortung ze iwwerhuelen.



### MÉISPROOCHEGKEET

Am Consultatiounsprozess fir den neie Plan d'études huet ee grousse Konsens ënnert de Participante bestanen, fir déi spezifesch Lëtzebuerger Méisproochegkeet, dat heescht déi institutionell Dräisproochegkeet, wäertzeschätzen an duerch d'Schoul ze erhalen. D'Lëtzebuergescht soll an der Schoul, do wou et méiglech ass, als Integratiounssprooch ugesi ginn. Geneesou gouf et am Consultatiounsprozess de Konsens, dass:

> *"an der Gesellschaft misst akzeptéiert ginn, dass ënnerschiddlech Niveauen an deenen dräi Sproochen vun der Schoul ausgebilt ginn an d'Schoul net méi d'Zilvirstellung [kéint] erfëllen, bei alle Schülerinnen a Schüler eng perfekt ausgebilten Dräisproochegkeet (Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch) ze erreechen." (Rapport CSEN; SCRIPT, 2023d, S.13).*

D'Léieren a Vermëttele vu Sprooche gëtt hautdesdaags "als ee vun de wichtegste politeschen Instrumenter am Zäitalter vu Globaliséierung an Internationaliséierung" ugesinn (Roche/Terrasi-Haufe 2018, S.11). D'Lëtzebuerger Populatioun ass gréisstendeels plurilingue. E plurilinguale Spriecher huet Kenntnis vu méi Sproochen, déi ënnerschiddlech staark ausgebilt sinn an zesummen ee Ressourcërepertoire erginn, op dat en zréckgräift fir ze denken, ze kommunizéieren an ze agéieren.[9] D'Rumm vum neie Plan d'études wäert op d'Bedeitung vun der Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg agoen.

Den neie Plan d'études huet d'Zil fir Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch beim Schüler opzebauen. Déi plurilingual Sproochbildung gëtt duerch d'Rumm als duerchgängeg a fächeriwwergräifend Aufgab vun der Schoul definéiert an et gëtt ënnerstrach, dass Sproocheléieren eng liewenslaang Aufgab ass. All d'Sprooche vum Kand ginn als biographesch wichteg Ressourcë vun der Perséinlechkeetsentwécklung ugesinn a kënne wichteg Léierhëllefe beim Erléieren a Verdéiwe vu weidere Sprooche sinn.

Ënnerhalb vum *Domaine de développement et d'apprentissage* vun de Sprooche ginn am neie Plan d'études Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch méi visibel an änlech opgebaut. Well esou déi selwecht Theeme kënne behandelt ginn, kann nach méi sproochkontrastiv geschafft ginn an d'Gemeinsamkeeten tëscht de Sproochsystemer méi visibel fir d'Kand ginn. D'Erfarunge mam neie Franséischmaterial *Salut c'est ...* fléissen an d'curricular Iwwerleeunge fir den neie Plan d'études mat an. All d'Sproochen, déi d'Kand matbréngt, kënnen iwwer Projeten an der Klass a fächeriwwergräifend do, wou et sech ubitt, opgegraff ginn a sou méi Valoriséierung am schoulesche Kontext kréien.

[9] Plurilingual am Verständnis vum Europäesche Referenzrahme fir Sproochen (CECR; Conseil de l'Europe, 2021). Méi Informatiounen zum Sproocheprofil vun der Lëtzebuerger Gesellschaft gi follgend Publikatiounen: Service information et presse du Gouvernement luxembourgeois (2022) a Service national de la Jeunesse (2023).

All Kand soll mam neie Plan d'études d'Méiglechkeet hunn, entweder op Däitsch oder op Franséisch alphabetiséiert ze ginn. Den neie Plan d'études gesäit d'Ënnerscheedung tëschent der Alphabetiséierungssprooch a weideren an der Schoul geléierte Sprooche vir. D'Expertis fir eng franséisch Alphabetiséierung gëtt momentan iwwert de Projet "Zesumme wuessen! Alphabetiséierung op Franséisch" verdéift. Am Kader vun dësem Projet ginn och déi didaktesch Methode beim Eruféieren un déi däitsch Sprooch bei enger franséischer Alphabetiséierung analyséiert, an den Ëmgang mat de Langues véhiculaires an den Net-Sproochefächer präziséiert, wou d'Kanner onofhängeg vun hirer Alphabetiséierungssprooch (Däitsch oder Franséisch) zesummekommen. Donieft huet och eng Analys vun den Alphabetiséierungsmethoden am Däitschunterrecht am SCRIPT ugefaangen.

Am neie Plan d'études muss kloer sinn, wéi eng sproochlech Ufuerderungen an den Net-Sproochefächer gestallt ginn a wéi ee Sproochenniveau um Enn vum Cycle 4 an den dräi Sproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch) viséiert gëtt. Och mussen d'Orientéierungsméiglechkeeten an de Secondaire dorop ofgestëmmt ginn an esou alle Kanner Uschlossméiglechkeeten bidden.



## DIGITALITÉIT

Am däitschen an englesche Sproochgebrauch huet sech d'Wuert "Digitalität" oder "Digitality" duerchgesat, dat hei folgendermoossen erkläert gëtt:

*"Der Begriff der Digitalität ist erst in jüngster Zeit ins Zentrum der Kultur- und Geisteswissenschaft gerückt. Er entspricht nicht dem Verständnis von Digitalisierung im Sinne der Entwicklung von Technologien, der Erfassung und Speicherung von Daten und der Automatisierung von Abläufen. Vielmehr reflektiert Digitalität auf kulturelle und gesellschaftliche Realitäten und Lebensformen, die mit der Digitalisierung einhergehen und diese im Wechselspiel wiederum ermöglichen (in: Hauck-Thum, U., & Noller, J., 2021).*

De Begrëff "Digitalitéit" gëtt am Plan d'études iwwerholl fir dëse Pilier ze bezeechnen.

Am Consultatiounsprozess fir den neie Plan d'études hunn d'Participanten ëmmer nees dorop higewisen, dass d'Schoul an der Verflichtung steet, op d'digital an technologesch Zukunft virzebereeden:

> *"Den digitale Fortschrëtt géing gewësse Kompetenzen an der Notzung vun Technik a Medien néideg maachen, esouwuel vu Säite vun de Kanner ewéi och vum Schoulpersonal" (Rapport - CoLab 1: Visioun; SCRIPT, 2022b, S.11).*

Den neie Plan d'études hält a senger Rumm fest, dass de Schüler schrëttweis an altersgerecht beim Erschléissen, Verstoen a Matgestalte vu Medien a vun der digitaler Welt begleet gëtt. E bewossten a kompetenten Ëmgang mat der Digitalitéit baséiert op enger sécherer, kritescher, kreativer a verantwortungsvoller Notzung an Ausernanersetzung mat Medien an digitalen Technologien.

Inhaltlech gesi sollen d'Mediennotzung, d'Mediegestaltung an d'Mediekritik an der Schoul eng Roll spillen. Esou sollen d'Medien am alldeegleche Léiere reegelméisseg zum Asaz kommen (Education par les médias). De Schüler soll awer och gläichzäiteg den eegestännegen a verantwortungsvollen Ëmgang mat de Medie léieren (Education aux médias). De Schüler soll no an no d'Funktiounsprinzippien, déi hannert digitalen Inhalter a Prozesser leien, verstoe léieren. Geneesou gëtt e kritescht Grondverständnis fir "AI Literacy" an "Data Literacy" gebraucht.

De Mediekompass – *Guide de référence pour l'éducation aux et par les médias* (SCRIPT, 2022c) deen um *Digital Competence Framework* (European Commission, 2022) vun der europäescher Kommissioun baséiert a fir de Lëtzebuerger Kontext adaptéiert gouf, ass momentan d'Referenzwierk fir d'Mediebildung am Enseignement fondamental a secondaire. En deelt d'Panoplie vu Digital- a Mediekompetenzen a follgend fënnef Kompetenzberäicher: "Informatiounen an Daten", "Kommunikatioun an Zesummenaarbecht", "Erstelle vun Inhalter", "Dateschutz a Sécherheet" an "Digital Welt". De Mediekompass (2022) gëtt fir den neie Plan d'études berücksichtegt a genotzt, fir dës digital a medial Kompetenzen an Zilsetzunge à jour ze setzen.

Och um Niveau vum Léierprozess vum Schüler bitt d'Digitalitéit villfälteg Opportunitéiten am Hibléck op d'Differenzéierungsméiglechkeeten, den Zougang zu Informatiounen an d'Interaktivitéit a Kollaboratioun am Unterrecht. D'Kommunikatioun an d'Zesummenaarbecht tëscht Léierpersonal, Schüler, an Eltere kann digital ënnerstëtzt ginn. D'Integratioun vun digitalen Technologien an der Schoul muss pädagogesch sënnvoll a zilféierend zum Benefice vun de Schüler a vum Léierpersonal genotzt ginn.

# 4. Impakt vum neie Plan d’études op de Bildungssystem

De Consultatiounsprozess an déi dozougehéierend Analysen a Recherchen hunn Elementer identifizéiert, déi bei der Reform vum Plan d’études solle bestoe bleiwen. Gläichzäiteg sinn Elementer opkomm, wou Innovatioun wichteg a néideg ass, oder wou dat, wat schonn do ass, op de Leescht geholl an optimiséiert muss ginn. All dës Elementer hunn en Afloss op den Enseignement fondamental, ma awer och op weider Deeler vum Bildungssystem.

## 4.1 De Schüler am Zentrum vu sengem Léieren

D’Léiere muss méi liewensno, praktesch, kand- an entwécklungsgerecht sinn: dem Kand seng Erfarungen a säin Alldag sollen an Zukunft méi enk mat Léierinhalter verknäppt ginn. Am Rapport zu de “Kanner-Atelieren” heescht et:

> *“dass [d‘]transversal an interdisziplinär Aufgabe vun de Schülerinnen an de Schüler geschätzt ginn, well se eegenen Aussoen no esou hir Kenntnisser a Fäegkeeten a verschidde Beräicher gläichzäiteg ausbauen a färdere kéinten. An den Diskussioune mat de Kanner huet sech gewisen, dass si beim Organiséiere vun Ausflich ‘Transversalitéit’ erliewen an hirer Usiicht no dobäi eppes fir d’Liewe léiere géifen“ (Rapport - Kanneratelieren; SCRIPT, 2023c, S.41).*

Am Cours muss méi praktesch geschafft ginn. Léieren dobaussen, Visitten ausserhalb vum Klassesall an Interventioune vun Experten an der Klass musse reegelméisseg Deel vum Léiere ginn.

Am CoLab “Transversalitéit” gouf betount:

> *“[D]en transversalen Unterrecht [misst] op d’Virwësse vun de Kanner opbauen a sollt vum organisatoresche Standpunkt hir am beschten eng fest Plage am Wocheplang kréien. Alternativ oder complementaire dozou gouf virgeschloen, d‘transversaalt Léieren am Kader vun Theemendeeg oder Theemewochen ëmzesetzen” (Rapport - CoLab 5: Transversalitéit; SCRIPT, 2023e, S.25).*

Fir theemenorientéiert ze léieren an d’Schaffen a Projeten ze färderen, ass et wichteg, explizitt Zäit an eng gewësse Flexibilitéit dofir am Stonneplang virzegesinn. An dëser Zäitfënster kënnen och extern Experten intervenéieren.

### ENG AKTIV ROLL FIR DE SCHÜLER AM LÉIERPROZESS

Duerch eng méi aktiv Roll fir de Schüler am Léierprozess gëtt dëse sech verstäerkt bewosst, wéi a wat e léiert. E léiert sech selwer aschätzen a kritt d’Méiglechkeet, Afloss ze huelen op d’Inhalter an d’Kompetenzen, déi en entwéckelt, a ka geziilt déi Léiermethoden eraussichen, déi en am beschten

ënnerstëtzen. Esou ee konsequenten Opbau vu senger Metacognitioun schaaft de Grondstee vum Léieren an ënnerstëtzt de Schüler net nëmmen a senger Schoulzäit, mee schaaft och eng Basis fir liewenslaangt Léieren.

> *"De Kanner no wier et wichteg, dass si d'Méiglechkeet kréien, ze léieren, wéi ee léiert. Si wéilte Methoden an Technike gewise kréien, déi hinne beim Léieren hëllefen" (Rapport - Kanneratelieren; SCRIPT, 2023c, S.17).*

## D'Léieren an der Interaktioun

D'Léieren an der Interaktioun muss am schoulesche Kader méi verankert ginn, sief dat an der Klass, am Schoulhaff, tëschent Klassen oder mat Erwuessener. Hei geet et dorëm, souwuel vu kooperative Léiermethode wéi och vun der Vilfalt vun de Schüler ze profitéieren. D'Léieren an der Interaktioun gräift op villfälteg Methoden zeréck, déi d'Sozialkompetenzen entwéckelen an d'Kohesioun am Grupp stäerken. D'Evaluatioun sollt och dës Form vu Léieren a Betruecht zéien.

## D'Progressioun vu Kompetenzen a Léierinhalter

D'Progressioun vun de Léierinhalter an der viséierter Kompetenzentwécklung muss iwwerschafft a méi kloer duergestallt ginn. Et muss séchergestallt ginn, dass déi duergestallte Progressiounen der Entwécklung vum Kand entspriechen an deemno och vun der grousser Majoritéit vun de Kanner zu de viséierte Momenter erreecht kënne ginn. Vu dass d'Entwécklung an d'Acquisitioun vun de viséierte Kompetenzen, net bei all Kand identesch oder mat der selwechter Geschwindegkeet verleeft, muss gekläert ginn, wéi vill Sockele pro Cycle beschriwwe ginn. Do donieft ginn déi eenzel Sockele mat authentesche Performanzbeispiller illustréiert, fir de Léierpersounen an och dem Schüler eng Upak ze ginn.

Ëmmer erëm ass wärend dem Consultatiounsprozess de Wonsch geäussert ginn, fir de Plan d'études inhaltlech ze entschlaken a méi Zäit fir transversal Aktivitéiten ze hunn. Fir méi transdisziplinär a ganzheetlech kënnen ze schaffen, bleiwen déi aktuell Entwécklungs- a Léierberäicher bestoen, mee méiglech Verbindungen tëschent den *Domaines de développement et d'apprentissage* ënnertenee souwéi zur non-formaler Bildung ginn méi explizitt en evidence gesat.

Fir op d'Fro ze äntweren, wat a wéi engem Cycle prioritär am Programm ass, ass et néideg obligatoresch Inhalter an Inhalter au Choix ze definéieren. Dat schaaft och Plaz fir méi theemenorientéiert, un de Besoine vun der jeeweileger Schülergrupp ugepasst, Schaffen. Heibäi gëtt weiderhinn op eng kompetenzorientéiert Approche zeréckgegraff.

De Sockel als Grondprinzip bleift bestoen. Et ass wichteg, Zäit fir Léierprozesser ze ginn, an et gëtt eng Upak gebraucht, souwuel vu Säite vum Schüler wéi vum Léierpersonal a vun den Elteren, déi festleet, wat de Schüler bis wéini soll kënnen a wëssen.

> *"D'Kand sollt am Mëttelpunkt vum Curriculum stoen an et sollt do ofgeholl ginn, wou et steet. D'Schoul sollt dem Kand seng Kompetenzen a Stäerkten am Viséier hunn an him d'Méiglechkeet ginn, déi nach ze verdéiwen" (Rapport - CoLab National Elterevertrieder; SCRIPT, 2022d, S.14).*

## 4.2 Evaluatioun

"Evaluatioun" ass ee Begrëff, deen am Enseignement oft mat gemëschte Gefiller erlieft gëtt. Am Consultatiounsprozess ass däitlech ginn, dass d'Léierpersonal an aner concernéiert Acteure vill Hoffnungen an awer och Ängschte par rapport zum neie Plan d'études hunn, wann si iwwert déi zukünfteg Evaluatioun nodenken. Am weidere Prozess fir een neie Plan d'études wäerten d'Evaluatioun, an déi domadder liéiert Sujeten an Outilen, ënnert d'Lupp geholl ginn. Dem Besoin no méi Kohärenz a Kloerheet fir all déi concernéiert Acteure soll Rechnung gedroe ginn, an d'Evaluatioun soll de Schüler a senger Ganzheetlechkeet valoriséieren.

### Prozess- a kompetenzorientéiert Evaluatioun

> *"Evaluatioun hätt engersäits duerch déi verschidden zertifikativ Momenter ee punktuelle Meilensteencharakter, an anerersäits ee kontinuéierleche Prozesscharakter, fir entweder op esou ee Meilesteen hinzeschaffen oder dem Kand säin individuelle Prozess ze verfollegen an net just d'Resultater ze wäertschätzen, mee och de Wee dohinner" (Rapport - CoLab 4: Evaluatioun; SCRIPT, 2023f, S.22).*

D'Evaluatioun soll de Léierprozess duerstellen, dee cycleiwwergräifend dokumentéiert gëtt. Et ass also net just eng Momentopnam vun deem, wat e Schüler zu engem bestëmmten Zäitpunkt kann a weess, mee consideréiert och, wéi e seng Kompetenzen a säi Wëssen iwwert kuerz a laang Zäit weiderentwéckelt huet. D'Evaluatioun soll feststellen, wat e Schüler kann an him Opportunitéiten opweisen, fir sech weiderzëentwéckelen. Dat ëmschléisst eng positiv Feelerkultur.

> *"De System géif engem momentan matginn, dass Feeler negativ sinn. Eng Feelerkultur, déi de Wäert vum Feeler fir eng Neiausriichtung schätzt, misst sech etabléieren" (Rapport CSEN; SCRIPT, 2023d, S.12).*

De Feeler muss als Opportunitéit wouergeholl ginn, als Fënster an d'Léiere vum Kand.

### Partizipative Charakter vun der Evaluatioun

De Schüler hëlt eng méi aktiv Roll am Kader vum Evaluatiounsprozess an. Sou sollen Momenter vun Autoevaluatioun an Austausch eng Selbstverständlechkeet am Schoulalldag ginn, fir dass de Schüler léiert, sech selwer anzeschätzen. Momenter vu Peerevaluatioun kënnen zu passenden Amenter eng Roll spillen, an de perséinleche Feedback am Echange mam Schüler muss eng méi héich Bedeitung fannen. Esou soll de Schüler encouragéiert ginn, eegestänneg d'Gespréich mam Enseignant ze sichen,

wann en de Besoin dofir huet. Et gouf betount, dass de Schüler beim Bilansgespréich entweder dobäi misst sinn oder am Viraus seng Léierprogressioun misst erkläert kréien. Bei enger zertifikativer Evaluatioun muss transparent sinn, wéi, wat a wéini evaluéiert gëtt.

### Outile fir d'Evaluatioun an d'Orientatioun

De Lien tëschent de Sockelen an der Orientatioun um Enn vum Cycle 4 muss méi kloer ersiichtlech ginn. Dofir ass et wichteg, d'Outile fir d'Evaluatioun ze optimiséieren. Et ginn Outile fir d'Evaluatioun gebraucht, déi transparent a liicht verständlech fir all Bedeelegt sinn.

Dofir mussen déi bestoend Outilen, wéi d'Bilan intermédairen, d'Bilans de fin de cycle an d'Evaluatioun vun de Performancen an der Progressioun iwwerschafft ginn. D'Descripteure vun de viséierte Sockele musse méi kloer formuléiert a mat Beispiller illustréiert ginn. Eng Pist kéint och sinn, sech un den Outile vun anere Schoulsystemer a Schoulen ze inspiréieren, fir se dann un de Lëtzebuerger Kontext unzepassen.

> *"Ee méi kloren an zougängleche Bilan wier essentiel, fir d'Kommunikatioun tëschent allen Acteuren ze verbesseren" (Rapport - CoLab 4: Evaluatioun; SCRIPT, 2023f, S.48).*

### Valoriséieren a Stäerke vun der Expertis vun den Acteuren

Am Kader vun engem kompetenzorientéierten Unterrecht ass et wichteg, eng grouss Panoplie vun Evaluatiounsoutilen ze hunn an unzewennen, fir esou komplett wéi méiglech an der Informatiounssammlung kënnen ze sinn. D'Erkenntnisser, déi am Kader vun der Evaluatioun gewonne ginn, fléissen zeréck an de Léierprozess an ënnerstëtzen den Apprentissage an d'Kompetenzentwécklung beim Kand. Op Basis vu senger pedagogescher Expertis entscheet d'Léierpersoun iwwer déi weider Schrëtt. Beispiller heifir gi vun direkte Retouren un den eenzele Schüler bis bei Adaptatioune vun der Sequenz vu geplangte Léieraktivitéiten. D'Bewäertungsoutile sollen dem Léierpersonal hëllefen, d'Performancë vun de Schüler méi einfach a präzis ze beurteelen.

Op Grond vun den Evaluatioune sollen Decisiounen am Intressi vum Schüler geholl ginn. All concernéiert Acteure kënnen do, wou et Sënn mécht, hir Expertis bäisteieren a wäertvollen Input fir d'Evaluatioun an d'Hëllefstellunge ginn a sou dobäi hëllefen, de Schüler a senger Ganzheetlechkeet wouerzehuelen.

### Zousätzlechen Outil fir de Profil vum Schüler

Fir méi e ganzheetlecht Bild vum Schüler ze kréien, gëtt mat engem Dossier geschafft, an deem sech iwwert de Laf vun der Scolaritéit no a no de Profil vum Schüler ofbilt. Dëst gëtt eng Plaz, wou de Schüler Tracë sammelt, déi seng Stäerkten, Interêten a Passiounen dokumentéieren. Hei ass eng enk Zesummenaarbecht mat der non-formaler Bildung ze envisagéieren, an och d'Famill mat anzebezéien.

An där diversifizéierter Schoullandschaft vum Secondaire kéint dëst ee sënnvollen Outil beim Choix vum Lycée sinn.

## 4.3 Lien zum Enseignement secondaire

Souwuel am CoLab "Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul" wéi och am CoLab "Evaluéieren am Fondamental"gouf vill iwwert den Iwwergang vum Enseignement fondamental an den Enseignement secondaire geschwat. Net nëmmen d'Participante vun dëse CoLab-Workshops, mee och d'CNEL huelen dësen Iwwergang als eng grouss Ëmstellung am Liewe vun all Kand (a sengen Elteren) wouer. Eng Rei Stolpersteng goufen identifizéiert, déi dozou féieren, dass dësen Iwwergang als Broch erlieft ka ginn. Et sinn eng Partie Léisungsvirschléi ugerass ginn, fir dëse Stolpersteng ze begéinen an et bleift wichteg, och wärend den Aarbechten um neie Plan d'études ëmmer rëm un dësen Iwwergang ze denken, well:

> *"Les conditions de réussite du Plan d'études sont étroitement liées à la réflexion sur le passage du fondamental au secondaire lors duquel les enseignants doivent faire face au défi de préparer leurs élèves au mieux au système de l'enseignement secondaire." (CoDir EF an der Publikatioun - CNEF 2018-2021-; SCRIPT, 2021, S.21).*

> *"Eeneg ware sech d'Participanten doranner, dass béid Systemer generell méi zu engem Ganzen zesummewuessen a méi gemeinsam schaffe missten. Esou sollt et méi Transparenz tëschent EF an ES ginn. Et misst ee méi vunenee wëssen, wichteg Informatiounen a Krittäre kennen. Ganz besonnesch beim Passage EF-ES sollt eng gemeinsam Organisatioun stattfannen an d'Kanner zesumme begleet ginn" (Rapport - CoLab 4: Evaluatioun; SCRIPT, 2023f, S.46).*

## 4.4 Lien zur non-formaler Bildung

> *"Verschidde Vuen op d'Kanner wieren eng Plus-Value, well een d'Kanner esou méi ganzheetlech kéint gesinn, an dës Vuë sollten esou wouergeholl ginn" (Rapport - CoLab 6: Formal an non-formal Bildung; SCRIPT, 2023b, S.43).*

A Bezuch op déi véier Piliere "Wuelbefannen", "Participatioun", "Méisproochegkeet" an "Digitalitéit" an op déi fënnef Schlësselkompetenzen bitt sech d'Méiglechkeet, Bręcken zur non-formaler Bildung ze schloen. Den Iwwergang tëscht formaler an non-formaler Bildung soll net als Iwwergang tëscht zwou komplett verschiddene Welte wouergeholl ginn, mee fléissend sinn.

Sou gouf am CoLab "D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung", wou Vertrieder aus deenen zwee Bildungsberäicher present waren, de grousse Besoin artikuléiert, méi gemeinsam kënnen ze schaffen. Et gouf sech derfir ausgeschwat:

*"d'Grenzen an d'Trennunge vu béide Bildungsberäicher a vun de Rolle vum jeeweilege Léierpersonal méi kloer ze definéieren a méi visibel ze maachen. All Beräich an all Beruffsgrupp – dorënner d'Dageselteren, d'Crèchen, d'Jugendhaiser an anerer – hätt seng Expertis, déi valoriséiert sollt ginn. Méi Wäertschätzung, Respekt an Transparenz tëschent de Beruffsgruppen an de Beräicher wiere ganz wichteg Schlësselelementer. Et kéint ee sech net ersetzen, mee villfach awer gutt ergänzen an aushëllefen, een Dialog op Aenhéicht, an d'Deele vun Informatiounen a Ressourcë misst onbedéngt gefërdert ginn. Zesumme kéint een no Léisunge sichen, Iddien an Approchen deelen, an dat Wichtegst: gemeinsam d'Kand beschtméiglech a ganzheetlech ënnerstëtzen. Ee grousse Fazit vun dësem CoLab-Workshop ass deemno, dass de Fong vun de Suergen an Diskussiounspunkte bei de Participanten aus béide Bildungsberäicher ronderëm déi selwecht Fro kurséiert huet: 'Wéi kënne mir zum Wuel vum Kand besser Hand an Hand zesummeschaffen?'" (Rapport - CoLab 6: Formal an non-formal Bildung; SCRIPT, 2023b, S. 50-51).*

## 4.5 Schoulorganisatioun

De Plan d'études gëtt duerch strukturell an infrastrukturell Facteure beaflosst, déi eng Auswierkung hunn op d'Aart a Weis awéiwäit de Curriculum ka gelieft ginn. Si ginn zum Deel iwwer de Plan d'études eraus. Si hunn awer een Afloss dorop wéi de Plan d'études sech am Alldag nidderschléit a ginn dowéinst am weidere Verlaf vum Projet ëmmer mat beduecht.

# 5. D’digital Plattform vum neie Plan d’études

Den aktuelle Plan d’études ass – ob als gedréckten Exemplar oder als PDF – am Joer 2023 net méi ugepasst un d’Besoine vu sengen Utilisateuren. De Consultatiounsprozess huet bestätegt, dass eng effektiv an digital Ënnerstëtzung um Terrain gebraucht gëtt fir den Erfolleg vum spéidere Produit “Plan d’études” ze garantéieren.

> *“De manière générale, le Plan d’études est trop abstrait et complexe. Il doit devenir un document plus concret et pratique. Une version digitale du Plan d’études devrait être envisagée” (CNEF 1 an der Publikatioun - CNEF 2018-2021; SCRIPT, 2021, S.7).*

> *“La conception du Plan d’études joue un rôle central. Tout d’abord, il devrait être facile à utiliser tout en n’étant pas surchargé, par exemple en y intégrant des modèles de tâches illustrés et pratiques ainsi qu’en créant une plateforme digitale” (CoDir EF an der Publikatioun - CNEF 2018-2021; SCRIPT, 2021, S.22).*

Fir d’Implementéierung vum neie Plan d’études, awer och fir seng Weiderentwécklung, wäert d’digital Plattform zum Dréi- an Aangelpunkt ginn. D'Plattform gëtt entwéckelt, fir a curricularer Hisiicht nohalteg, evolutiv an adaptiv kënnen ze sinn. De Plan d’études ka sou méi einfach ugepasst an de pädagogeschen an didaktesche Bedierfnesser vu sengen Utilisateure gerecht ginn.

D’digital Plattform wäert d’Léierpersonal bei senger dagdeeglecher Unterrechtsplanung kënnen ënnerstëtzen a wäert all aner Interessenten an Acteure vum Bildungsberäich, dorënner och Elteren a Schüler, iwwer de Curriculum vun der Grondschoul informéieren. D’digital Plattform soll et erlaben, dass de Plan d’études fir ënnerschiddlech Zilgruppen accessibel gëtt. Et wäert den neie Plan d’études a verschiddene Sprooche ginn an d’Inhalter wäerten fir dei verschidden Zilgruppen iwwer ënnerschiddlech Zougäng disponibel ginn.

D’Zesummenaarbecht tëscht dem Educatiounspersonal gëtt duerch d’Plattform encouragéiert, andeems et Enseignanten an aneren Acteure méiglech gëtt, Ressourcen, Iddien an Erfarunge méi einfach ze deelen. D’Léierpersonal a weider Acteuren, déi an der Schoul schaffen, solle kënnen op illustréierend Beispillaufgaben a Ressourcen zougräifen, Iddien austauschen an zesummen u Projete schaffen. Eng ëmfaassend an transversal Unterrechtsplanung gëtt sou vereinfacht an ënnerschiddlech Léiermomenter a -prozesser ënnerstëtzt.

D'Plattform wäert et dem Léierpersonal zudeem erlaben, d’Fortschrëtter vun hire Schüler ze dokumentéieren. Bestoend Instrumenter vun der Bildungslandschaft, wéi z. B. Scolaria oder d’E-Bichelche sollen integréiert an ugepasst ginn.

Am kollaborativen Design-Prozess vun der Plattform ass d'Léierpersonal als Schlësselacteur zentral fir d’Notzerfrëndlechkeet ze garantéieren. An engem éischte Schrëtt gëtt virun allem d’Léierpersonal

adäquat un d’Notzung vun dëser Plattform erugefouert, dat beispillsweis duerch Formatioun, Informatioun an Testméiglechkeeten. Besonnesch wärend der Implementatiounsphas vum neie Plan d’études muss de Support garantéiert ginn, fir d’Léierpersonal och no der éischter Aféierung bei der Notzung vun dëser Plattform ze ënnerstëtzen. Dëse Support ka sech duerch weider Informatiounen, Formatiounen, an duerch lokal Uspriechpartner manifestéieren.

D’Timeline hei ënnendrënner visualiséiert de co-konstruktive Prozess vum Entstoe vun der Plattform, fir déi och am Consultatiounsprozess schonn éischt cibléiert Workshops stattfonnt hunn.



# 6. Ausbléck


Dëse Whitepaper beschreift a proposéiert ënnert anerem d'Leitlinnen fir en neie Plan d'études, déi sech op Basis vum breede Consultatiounsprozess mam Terrain an de Recherchë vun der Curriculumsdivisioun als richtungsweisend konstituéiert hunn.

Déi nächst Etapp vum Projet wäert am **Hierscht 2023** ufänken a besteet doranner, d'Rumm vum neie Plan d'études ze verfaassen an dës iwwer de Wee vun engem cibléierte Consultatiounsprozess mat verschiddene Partie prenanten, ewéi de Programmkommissioune vum Fondamental an dem CoDir EF, an (inter-)nationalen Experten ze diskutéieren. Och d'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung, déi grouss Transitiounen am Bildungssystem an d'Organisatioun vu Schoul am Allgemenge wäerte Bestanddeel vum cibléierte Consultatiounsprozess an den Iwwerleeunge bleiwen. Parallel ginn, an Zesummenaarbecht mam Digital Learning Hub, d'Aarbechten un der digitaler Plattform vum neie Plan d'études virun.

**2024** ginn d'Virbereedunge fir d'Aarbechtsgruppen an d'Zesummenaarbecht mat weidere Partner lancéiert, déi ab dem Schouljoer 2024-2025 un der Revisioun vum Plan d'études wäerte matschaffen. Geneesou ginn d'Informatiounscampagnë geplangt an den Impakt vun engem neie Plan d'études op d'Formations initiales an d'Formations continues an Zesummenaarbecht mam IFEN an der Uni Lëtzebuerg sondéiert, fir dass d'Formatiounskonzepter aus- oder iwwerschafft kënne ginn. Zudeem wäerten den Dialog an d'Kollaboratioun mat Experten an Aarbechtsgruppen, déi Material fir de Fondamental ausschaffen, ëmmer méi u Wichtegkeet gewannen.

Am **Hierscht 2025** wäerten d'Dokumenter prett sinn, geneesou wéi eng Beta-Versioun vun der digitaler Plattform. Am Schouljoer 2025-2026 fannen dozou dann Informatiounscampagnë statt an d'Formatioun vun den Enseignantë steet am Mëttelpunkt, soudass den Terrain ab der Rentrée 2026-2027 prett ass, fir den neie Plan d'études anzeféieren an domat ze schaffen.

Mat der Implementatioun vum neie Plan d'études am **September 2026** sollen d'Iwwerleeungen dozou net ophalen, mee et soll weiderhin een nohaltege Consultatiounsprozess en place gesat ginn, sou dass de Plan d'études flexibel a proaktiv bleift, fir op Verännerungen anzegoen.



## Kontakt

Dir hutt Froen oder Ureegungen zum Projet “Plan d’études” a wëllt mat eis a Kontakt trieden? Da kontaktéiert eis via d’E-Mail-Adress **curriculum@script.lu**. Op eisem Internetsite **www.curriculum.lu** fannt Dir Informatiounen iwwer de Projet “Plan d’études”.

## Merci!

Villmools Merci soe mir all de Participanten an allen interesséierten Acteuren, déi eis bis elo kontaktéiert an um Projet deelgeholl hunn.

Mat beschte Gréiss

D’Curriculumsdivisioun vum SCRIPT

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

# Quelleverzeechnes


Biesta, G. (2015). What is education for? On good education, teacher judgment, and educational professionalism. European Journal of Education, 50(1), 75-87. DOI: 10.1111/ejed.12109

Conseil de l'Europe. (2021). *Cadre européen commun de référence pour les langues : apprendre, enseigner, évaluer : Volume complémentaire.* https://rm.coe.int/cadre-europeen-commun-de-reference-pour-les-langues-apprendre-enseigne/1680a4e270

Conseil de l'Union européenne. (2022). Recommandation du conseil du 28 novembre 2022 conçernant l'initiative "Passeport pour la réussite scolaire". https://eur-lex.europa.eu/legal-content/FR/TXT/?uri=CELEX:32022H1209(01)

Curriculum.lu. (n.d.). Visions, valeurs & compétences clés. SCRIPT. Retrieved September 1, 2023, from https://www.curriculum.lu/vvcc

ECO-Conseil. (2022). Nationale Restabfallanalyse 2021/2022 im Großherzogtum Luxemburg. https://environnement.public.lu/content/dam/environnement/documents/offall_a_ressourcen/municipaux/bericht-rma-2022-v02.pdf

European Commission. (2021). A systemic, whole-school approach to mental health and well-being in schools in the EU. https://education.ec.europa.eu/education-levels/school-education/well-being-at-school

European Commission. (2022). DigComp 2.2, The Digital Competence framework for citizens. https://op.europa.eu/de/publication-detail/-/publication/50c53c01-abeb-11ec-83e1-01aa75ed71a1/language-en

Gouvernement.lu. (2023, 15 mars). *Publication du bilan définitif des émissions de gaz à effet de serre de l'année 2021.* [Communiqué]. https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiques/2023/03-mars/15-bilan-emissions.html

Hauck-Thum, U., & Noller, J. (2021). Was ist Digitalität. Philosophische und pädagogische Perspektiven.

IMS Luxembourg. & Ministère de l'Intégration, de la Famille et à la Grande Région/Département de l'intégration. (2022). Etat des lieux des formations et initiatives à l'interculturalité au Luxembourg Janvier à mai 2022. https://imslux.lu/assets/publication/123/RAPPORT_INTERCULTURALITE.pdf

International Commission on Education for the Twenty-first Century. (1996). Learning: the treasure within; report to UNESCO of the International Commission on Education for the Twenty-first Century: highlights [programme and meeting document- french version]. UNESCO. https://unesdoc.unesco.org/ark:/48223/pf0000109590

Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg. (2023, 27 juillet). Loi du 20 juillet 2023 portant sur l'organisation de l'enseignement fondamental. https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2009/02/06/n3/jo

Men.lu. (2019, 10 octobre). Programme national : Promotion de la santé affective et sexuelle. Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg. https://men.public.lu/fr/publications/sante-bien-etre/informations-generales/programme-national-sante-affective-sexuelle.html

MENJE, SNJ, Bühler, C. & Université du Luxembourg. (2021). Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter. Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et Service national de la jeunesse, Luxembourg. https://guichet.public.lu/dam-assets/catalogue-formulaires/creche-foyer/cadre-reference-national/cadre-reference-national-de.pdf

Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle. (2011). Plan d'études : Ecole fondamentale. https://men.public.lu/dam-assets/catalogue-publications/courriers-de-leducation-nationale/numeros-speciaux/plan-etudes-ecoles-fondamentale.pdf

Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung. (2020). *3. Nationale Plang fir eng Nohalteg Entwécklung.* https://nohalteg.public.lu/fr/publications/zukunft-virbereeden-an-erhaalen.html

Netzwerk Stiftungen und Bildung. (2021, 20. Juni). Digitale Transformation. https://www.netzwerk-stiftungen-bildung.de/wissenscenter/glossar/digitale-transformation

Observatoire national de la qualité scolaire. (2020). Rapport thématique: Le rôle de l'éducation dans la préparation des jeunes aux défis du 21e siècle. Luxembourg. https://onqs.lu/wp-content/uploads/2020/09/ONQ_5105_20_Rapport-thematique_21eme-siecle_web_single.pdf

OECD. (2022, October 4). Bildung auf einen Blick 2022: OECD-Indikatoren. https://www.oecd.org/publications/bildung-auf-einen-blick-19991509.htm

Roche, J., & Terrasi-Haufe, E. (Eds.). (2018). Mehrsprachigkeit und Sprachenerwerb (Vol. 4). Narr Francke Attempto Verlag.

SCRIPT. (2020). PISA 2018 Luxembourg. Ministère de l'Education nationale, de l'enfance et de la jeunesse. https://www.script.lu/sites/default/files/publications/2020-10/pisarapport_2018_de_web_0.pdf

SCRIPT. (2021). CNEF 2018-2021: Commissions nationales de l'enseignement fondamental. Division du développement du curriculum, SCRIPT. https://curriculum.lu/sites/default/files/2022-01/Publication%20CNEF%202018-2021.pdf

SCRIPT. (2022a). *CoLab 3: Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul, Abrëll 2022.* Division du développement du curriculum, SCRIPT. https://www.curriculum.lu/sites/default/files/2023-09/Rapport_CoLab%20Iwwerg%C3%A4ng_Consultatiounsphas_Bildungsber%C3%A4ich_2022.pdf

SCRIPT. (2022b). CoLab 1: *Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental, Februar 2022.* Division du développement du curriculum, SCRIPT. https://curriculum.lu/sites/default/files/2022-07/05072022%20RAPPORT_Script_Visioun_pages.pdf

SCRIPT. (2022c). *Medienkompass: Guide de référence pour l'éducation eux et par les médias.* Ministère de l'Education nationale, de l'enfance et de la Jeunesse. https://www.script.lu/sites/default/files/publications/2022-12/Medienkompass_FR_new.pdf

SCRIPT. (2022d). CoLab National Elterevertrieder: Projet Plan d'études 2025, Mee 2022. Division du développement du curriculum, SCRIPT. https://curriculum.lu/sites/default/files/2022-12/Rapport_CoLab_National%20Elterevertrieder.pdf

SCRIPT. (2023a). CoLab 2: Méisproochegkeet, eng Realitéit an eiser Schoul, Mäerz 2022. Division du développement du Curriculum, SCRIPT. https://www.curriculum.lu/sites/default/files/2023-01/Rapport_CoLab%20M%C3%A9isproochegkeet_2022.pdf

SCRIPT. (2023b). CoLab 6: Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung, Januar 2023. Division du développement du curriculum, SCRIPT. https://www.curriculum.lu/sites/default/files/2023-06/Rapport_CoLab%206%20Formal%20Non-formal%20Bildung_Konsultatiounsphas_Bildungsber%C3%A4ich_2023.pdf

SCRIPT. (2023d). Conseil supérieur de l'Éducation nationale: CoLab Projet Plan d'études 2025, Mee 2022 an Januar 2023. Division du développement du curriculum, SCRIPT. https://www.curriculum.lu/PE-colab-CSEN-2023

SCRIPT. (2023e). CoLab 5: Méi Transversalitéit am Plan d'études, November 2022. Division du développement du curriculum, SCRIPT. https://curriculum.lu/sites/default/files/2023-06/Rapport%20-%20COLAB%205%20Transversalit%C3%A9it%20-%20November%202022.pdf

SCRIPT. (2023f). CoLab 4: Evaluéieren am Fondamental, Oktober 2022. Division du développement du curriculum, SCRIPT. https://curriculum.lu/sites/default/files/2023-03/Rapport_CoLab%204%20Evaluatioun_2022.pdf

SCRIPT. (n.d.). Zesumme wuessen! Alphabétiséierung op Franséisch. Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. Retrieved September 1, from https://alpha.script.lu/

Service information et presse du Gouvernement luxembourgeois. (2022). Grand-Duché de Luxembourg: A propos... des langues au Luxembourg. Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg. https://sip.gouvernement.lu/dam-assets/publications/brochure-livre/minist-etat/sip/brochure/a-propos/A_propos_Langues/a-propos-langues-fr.pdf

Service national de la jeunesse. (2023). La diversité linguistique des jeunes enfants et les pratiques langagières au sein des familles au Luxembourg. https://men.public.lu/dam-assets/catalogue-publications/langues/luxembourgeois/brochure-snj-diversite-linguistique.pdf

UNESCO. (2015). Education à la citoyenneté mondiale: préparer les apprenants aux Défis du XXIe siècle. https://unesdoc.unesco.org/ark:/48223/pf0000230062

United Nations. (2015, September 15). Transforming our world: The 2030 Agenda for Sustainable Development. https://documents-dds-ny.un.org/doc/UNDOC/GEN/N15/291/89/PDF/N1529189.pdf?OpenElement

Universität Luxemburg/LUCET, & SCRIPT. (2021). Nationaler Bildungsbericht Luxemburg 2021. https://bildungsbericht.lu/wp-content/uploads/2022/05/Nationaler-Bildungsbericht-Luxemburg-2021-1.pdf

Zentrum fir politesch Bildung. (n.d.). Service learning. Retrieved June 9, 2023, from https://Service Learning.lu/participer/service-learning/

www.curriculum.lu

www.script.lu